N° 7002
Entrée le 22.11.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Äntwert vun der Ministesch fir Justiz op d'parlamentaresch Fro n°7002 vum 17.10.2022 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen iwwert den Historique am RBE

D' Äntwert op d' Fro ass dass esou een Historique wuel besteet, mee dass deen nëmmen fir d' national Autoritéiten accessibel ass (Cf. Artikel 8 vum Reglement vum 15. Februar 2019[1]).

De Grond fir een Ënnerscheed zwëschen den Zougang vun den national Autoritéiten an deem vum Public ze maachen, hänkt mam Règlement général sur la protection des données zesummen, well et sech jo hei um perséinlech Donnéeën handelt. De Gesetzgeber huet sech deemno bei der Fro vum Zougang vum Public ob deem limitéiert wat vun der Directive 2018/843 virgesinn war, déi mam Gesetz vum 13 Januar 2019 iwwer den RBE transposéiert ginn ass, an déi Directive huet keen Zougang op den Historique fir de Public virgesinn.

Et ass awer och ze notéieren dass de Gesetzgeber net esou weit gaangen ass fir een Accès payant virzegesinn, wat am Endeffekt zu manner Transparenz gefouert hätt.

Lëtzebuerg, den 22. November 2022.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson

[1] " Art. 8 Les autorités nationales ont accès aux informations inscrites et historiques des entités immatriculées et rayées, contenues dans le Registre des bénéficiaires effectifs » - règlement grand-ducal du 15 février 2019 relatif aux modalités d'inscription, de paiement des frais administratifs ainsi qu'à l'accès aux informations inscrites au Registre des bénéficiaires effectifs